1940-1945

D'Letzebuerger Scouten an der Resistenz

Theo Jacoby a Marius Pauly

organiséierte Resistenzakt hei am Land, an as duerch vill Zeie schréftlech a mëndlech beluegt. Dësen Datum geet dofir an d'Lëtzebuerger Nationalgeschicht an.

An enger éischter "Verfügung" huet de "Stillhaltekommissar Schmidt", den 23.8.1940, de Scouten- a Guideverbänn all Aktivitéite verbueden.

De Raymond HAGEN, Scoutschef aus der Trupp Notre-Dame vu Lëtzebuerg, dee scho kuerz duerno eng Schlësselpositioun an der Lëtzebuerger Resistenz ageholl huet, huet ënner anerem geschriwwen: "... am Summer 1940 hun ech mat ménge Frënn bei Notre-Dame beschloss, am Geheime weiderzeschaffen a Resistenz ze man ... datselwecht as an anere Stater Scoutsgruppe geschitt an och bei de Scoutsgruppen aus dem ganze Land".

Vun do u koumen nëmme nach d'Chef an d'Rover zesummen. D'Bouwe sin aus där geféierlecher Saach erausgehale gin. Déi éischt Méint war d'Haaptsuerg, de Scouten nozeleën, nët an den Naziorganisatioune matzemaachen. Hei huet et sech bewisen, datt d'Scoutsversprieche keen eidelt Wuert war. Bis op e puer sin si all hirem Scoutsideal trei bliwwen.

Den 20.2.1941 as eng Delegatioun vun 19 Scoutschef aus dem Minett, denen sech e puer Chef aus der Stad ugeschloss haten, an d'Kathedral gepilgert, fir do en Dokument nidderzeleë mat dem Verspriechen, nom Krich der Muttergottes eng Éiereplaz an de roude Minettsbierger ze gin, wa Lëtzebuerg nees fräi an onofhängeg wier. E Verspriechen, dat 1949 ageléist gouf.

De 14.4.1941, op Ouschterméindeg, koume 25 Chef a Rover aus dem Minett, ënnert hinnen de Georges Everling vun Hollerech, bei der Léiwfrächen zu Käl zesummen, fir ze bieden an hir Resistenzaarbecht ze organiséieren.

An den LVL-Statute vum 26. September 1943 steet: "Aus dem Verschmëlze vun e puer patrioteschen Organisatiounen, as d'LVL am Abrëll 1941 ervirgaangen."



Emmer méi Chef a Rover hu sech an der Resistenz engagéiert. Och déi fréier Scouten, Familjen, Frënn a Bekannte gouwen, wann se zouverléisseg waren, an de Mouvement opgeholl. D'LVL, déi haaptsächlech aus de LS ervirgong, huet aus Secherheetsgrënn den Numm "Scouten" nët gebraucht. No der Fusioun mat deem klenge Resistenzgrupp LL, heescht déi nei Organisatioun LVL, Lëtzebuerger Volleks-Legioun. Dëse neistrukturéierte Resistenzgrupp gouf geféiert vun engem Legiounsrot vu 4 Mann, denen dräi Scoutskommissären Tony NOESEN, Georges EVERLING, Jang MULLER an dem Aloyse RATHS vun der LL. E Chef gouf et eréischt méi spéit, am Mäerz 1943. D'Organisatioun krut d'Strukture vum Lëtzebuerger Scoutsverband a gouf a 5 Distrikter, Kantonen, Gruppen a Rotten agedeelt. Déi dräi Kommissäre vun de LS hu véier vun dene fënnef Distrikter iwwerholl.

Den 10.10.1941 sollt an engem getarnte Referendum d'Lëtzebuerger Vollek sech als däitsch ausgin. Duerop sin d'Lëtzebuerger ower nët eragefall. D'Resistenz hat dëse Manöver duerchkuckt an duerch Flugziedelen d'Vollek opgeklärt. De Metty DOCKENDORF huet heiriwwer geschriwwen: "Mir waren Dag a Nuecht eraus an hun eise groussen Deel zum Erfolleg bäigedroen."

Schon 1941 gouwe vill Patriote verhaft. Am Hierscht huet d'Gestapo eng grouss Razzia géint d'Resistenzorga-

séisch an déi belsch Grenz geschleist. Jiddesche Matbiirger gouwe falsch Päss an Dafschäiner ausgestallt. Liewesmëttel, Kleeder, Geld a Medikamenter gouwe gesammelt fir d'Familjen, wou de Papp deportéiert war.

D'Aféiere vun der "Wehrpflicht" den 30.8.1942 war fir eist Vollek en Affront. D'Jonge vun de Joërgäng 1920–1924 hu missen direkt an d'Kasäre wäit vun doheem, a vun do aus un d'Front. D'Joërgäng 1925–1927 si méi spéit erfaasst gin. D'Solidaritéit vum Lëtzebuerger Vollek war ni esou grouss wéi deemools. E Generalstreik, dee vum 31.8. bis den 2.9.1942 gedauert huet an uechter d'Land befollegt gouf, war fir muneche gudde Patriot fatal. Esou och fir de Scoutschef Nikki KONZ vum Belair, deen als ee vun denen éischte vun de Preisen higeriicht gouf. Anerer koumen dowéinst an d'KZ, an d'Zuchthaus, an de Prisong, an e Stroferzéungslager oder gouwe mat hirer Famill no Schlesien ëmgesidelt.

Esou si no an no e puer honnert Familjen vu gudde Patrioten no Schlesien deportéiert gin, ënnert hinnen och eng Rei Scoutsfamiljen, wéi d'Familjen CLAUDE, DUHR, EVERLING, FRISCH, HENTGEN, KAYSER, KONZ, KRAUSCH, NOESEN, WILHELM an nach anerer.

Iwwer 11.000 Jongen gouwen an d'Wehrmacht agezunn. D'Resistenzaarbecht bei Dag an Nuecht gouf ëmmer méi geféierlech. Fir déi vill Refraktären, Deserteuren a Resistenzler, déi sech dem Zougréff vun de Preise wollten entzéien, gouwe Stoppe gesicht an d'Versuerge mat dem Néidegsten organiséiert. Vill konnten der iwwer déi belsch an déi franséisch Grenz dirigéiert gin. Iwwer 50 Aumônier-ën, Chef, Rover an e puer Cheftainen hu sech an dee geféierlechen Déngscht als Passeur oder Filiérist gestallt. Hei war den Tony NOESEN, dee vu Beruff Buchdrécker a Redakter war, d'Séil vun der Organisatioun. De Jang MULLER huet 1948 an der Jamboreesbroschür an engem Noruff geschriwwen: "Tony, Du hues honnerten an honnerte vun eise Jongen e falsche Pass ausgestallt an se an de Minett dirigéiert, wou se iwwer d'franséisch Grenz bruecht gouwen. Du wars den Elan vun der Lëtzebuerger Resistenz."

Am Januar 1943 hu véier "enrôlés de force" aus dem RAD-Lager Peenemünde un der Ostsee hire Frënn aus der Resistenz e Message zougespillt iwwer déi bis dohin ultrageheim Installatioune vun der "Wunderwaffe" V1 a V2. Dat waren déi éischt Rakéiten, déi schwéier geluede mat Sprengstoff, honnert a méi Kilometer wäit konnten dirigéiert gin. Dës véier Enrôlés, ënnert hinnen eis Scoutsfrënn Pir GINTER a Lucien KOHN, haten de Flair, d'Importenz vun dëser Waff z'erkennen an dovun eng Skizz mat Detailler opzezeechnen, déi esou u verschidden alliéiert Geheimdéngschter konnte weidergeleet gin. E puer

D'Kapell "Notre Dame de la Résistance" an der Esch-Grenzer Kiirch.

deverbänn kënne sech erëm nei forméieren an hun en Zoulaf wéi ni virdrun.

Em déi Zäit ware wäit iwwer 15.000 Lëtzebuerger fort vun doheem, an der ziviler an an der militärescher Deportatioun. Si hun do den Ennergank vum Naziräich erlieft an hu misse grouss Affer brénge fir duerchzestoen.

Den 8.5.1945 huet Hitlerdäitschland kapituléiert. Den Terror hat en Enn, an déi meescht Deportéiert koumen erëm heem. Vill vun hinne ware krank a konnte sech nees erhuelen. Anerer si fréizäiteg gestuerwen. E puer dausend hun hir Hemecht nët méi erëmgesin, dorënner 118 Lëtzebuerger Scouten.

Wéivill courageiert Akten a wéivill Affer kënnte mir nach opzielen! Mir bekloen den Dout an d'Affer vun hinnen all och wa mir se an dëser Broschür nët all ernimme kënnen.

J'ai coupé les roses dans mon jardin ...
mais les racines sont toujours dans la terre ...

Baden-Powell

Tableau d'Honneur des Scouts du Luxembourg 1940–1945

Le 23 août 1940, au moment de sa dissolution, la Fédération des Scouts du Luxembourg comptait 1.475 membres (louveteaux, scouts, routiers, chefs, cheftaines et aumôniers).

De ces membres:

19 ont été exécutés
7 ont péri durant l'internement
18 ont succombé aux blessures et aux maladies
60 sont tombés aux champs de batailles
14 sont portés disparus
58 ont été internés dans des camps de concentration
82 ont été emprisonnés
45 ont été déportés dans des camps nazis
331 ont été enrôlés de force dans la Wehrmacht
90 étaient dans le maquis et dans les Armées Alliées.

Plus de 400 membres de la Fédération étaient dans la résistance active. Beaucoup ont été destitués de leurs fonctions, ont déserté de la Wehrmacht, ou furent relégués des lycées pour motifs patriotiques.

Ce tableau est incomplet et ne tient compte que des scouts actifs en 1940. Pour être complet il y aurait lieu de dresser un tableau d'honneur pour les "Scouts Adultes".

Ce tableau, dressé initialement par Jules WILHELM fin 1945, fut complété et réajusté après consultation du « LIVRE d'OR de la RESISTANCE » (1952), du « LIVRE des VICTIMES LUXEMBOURGEOISES de la GUERRE 1940-1945 » (1972), des archives des LËTZEBUERGER SCOUTEN, de différents périodiques, de brochures d'associations et de recherches personnelles par

Théo JACOBY

Les chiffres indiqués sont approximatifs et peuvent diverger de quelques unités. Ils ne contiennent pas le nombre des résistants actifs ayant pu échapper aux griffes des nazis.

Recherches clôturées en 2005